

Administration communale de Pétange  
Collège des bourgmestre et échevins  
Place J.F. Kennedy  
4760 Pétange

Rolleng, de 24. Februar 2021

Här Buergermeeschter,

An engem Artikel op RTL.LU vum 24te Februar, deen iwwert den Denkmalschutz handelt, kënt d'Gemeng Péiteng guer net gutt ewech. Eng Lëscht, déi ee Grupp vun Denkmalschützer op Basis vun den Daten vu Sites et Monuments opgestallt huet, sträicht kloer ervir, datt d'Gemengeresponsabel vun 1131 nëmmen 181 iwwert de PAG schütze gelooss huet.

Op RTL.lu am Artikel ass ze liesen:

*„Eng Fro schéisst engem direkt an de Kapp, wann ee sech déi 58 PAGen ukuckt, déi bis elo fäerdeg sinn, an ee sech méi speziell fir eise Patrimoine intresséiert: wat der Däiwel hunn d'Péitenger fir e Problem mat Denkmalschutz? Ass et de Buergermeeschter, dee vläicht näischt domadd kann ufänken? Oder wollt ee sech einfach net dra schwätze loose vu Sites et Monuments, wéi deen neie Bebauungsplang gezechent gouf? Op alle Fall sinn d'Zuelen hei definitiv katastrophenal: 1.131 Gebaier wieren ze schützen, soten d'Experten vum Staat. "Boff", duecht de Pierre Mellina wuel, an hält der effektiv 181. An elo? D'Inneministesch kennt hier Méiglechkeeten, kéint e Veto aleeën.“*

*Esou wéi den Artikel 25 vum Gemeengegesetz et virgesäit, wëll ech dem Schafferot an dem Zesammenhang folgend Froe stellen:*

1. Aus wéi enge Grënn goufen iwwer 80% vun de Gebaier, déi vu Site et Monument als erhalenswäert agestuuft goufen, net am PAG geschützt a firwat waren dës Gebaier net wichteg genuch, fir geschützt ze ginn?
2. Aktuell lafen zu Péiteng e puer Projeten, déi zum Zill hunn touristesch Aktivitéiten an der Gemeng ze promouvéieren.  
Sinn de Buergermeeschter a Schäfferot der Meenung, dass duerch d'Erhalen an "d'Mise en Scène" vum historeschen architektonesche Patrimoine d'touristescht Potenzial an den Uertschaften däitlech erhéije géif?
3. Wäerten de Buergermeeschter a Schäfferot der weiderer Zerstéierung vum architektonesche Patrimoine entgéintwierken a versichen, méi Gebaier ënnert Denkmalschutz ze setzen?  
Falls jo, wéi eng weider Gebaier solle geschützt ginn?

Merci fir Är Opmierksamkeet an Äntwert,



Marc Goergen  
Gemeengeconseiller